

## **Wat ënnerscheet e Privatkredit vun engem Immobiliiekredit?**

E Privatkredit ass e sougenannten „Crédit à la consommation“ oder Verbraucherkredit, deen et an zwou verschiddene Forme gëtt.

Entweder erlaabt de Kredit Iech, a perséinlech Projeten ze investéieren, zum Beispill de Kaf vun engem Auto oder vu neie Miwwelen, d'Erneuerung vun Ärem Informatikmaterial, d'Renovatioun vun Ärem Haus oder souguer d'Organisatioun vun Ärer Hochzäit. An deem Fall schwätzt ee vun engem „Prêt personnel affecté“, dat heescht engem Privatkredit, deen an Tranchen zeréckbezuelt a fir e ganz bestëmmten Zweck benotzt gëtt. Dir musst an dësem Fall e Beweis fir Äre Kaf oder fir d'Affectatioun vun Ärem Prêt (z.B. den Devis vun de Renovatiounsaarbechten) virleeën.

De Kredit kann awer och dofir benotzt ginn, onerwaarten Ausgaben oder e gewësse Geldbedarf ofzedecken. An dësem Fall schwätzt ee vun engem „Prêt personnel non affecté“, dat heescht engem Privatkredit, deen an Tranchen zeréckbezuelt gëtt an net fir e bestëmmten Zweck benotzt gëtt. Dir kënnt fräi bestëmmen, firwat Dir de Kredit benotzt, de Verwendungszweck, deen Dir ugitt, ass net bindend.

### **Privatkredit: festen Taux, begrenzte Lafzäit a Betrag**

Ob fir e bestëmmten Zweck oder net, de Privatkredit zeechent sech duerch folgend Charakteristiken aus:

- et ass e Prêt mat engem festen Zënssaz (den „Taux annuel effectif global“ oder TAEG) an d'Mensualitéite si konstant;
- d'Dauer vum Prêt läit am Allgemengen tëschent 6 a 60 Méint;
- d'Lafzäit, de Betrag an déi periodesch Remboursementer ginn am Viraus festgeluecht a kënne während der Lafzäit vum Prêt net geännert ginn (ausser am Fall vu fréizäitege Remboursementer).

### **Immobiliiekredit: nëmme fir Logementer**

Den Immobiliiekredit ënnerscheet sech a villen Hisiichte vum Privatkredit. Fir d'éischt emol duerch säin Zweck:

- den Immobilieprêt oder Logementsprêt däerf ausschliisslech fir de Kaf vun engem bestehenden Haus oder Appartement, de Bau vun enger Wunneng, den Ëmbau oder d'Renovatioun vun engem Logement an de Kaf vun enger Bauplaz benotzt ginn.

An dann duerch säi Fonctionnement:

- dräi Zorte vun Zënssätz si méiglech: de festen Taux, de revidéierbaren Taux an de variablen Taux. Bei engem Taux variable kënne d'Remboursementer vu Joer zu Joer änneren, bei engem Taux révisable kënne se no 3, 5, 10 oder 15 Joer revidéiert ginn;
- d'Lafzäit vun engem Immobilieprêt ass vill méi laang a läit an der Regel tëschent am Prinzip 5 an 30 Joer;
- bei engem Immobilieprêt gi méi Garantië vun der Bank gefrot: eng Analys vun Ärer Solvabilitéit geet net duer, hei ass eng Hypothék, d.h. eng Garantie op de Bien immobilier, deen Dir mam Kredit kafe wëllt,

obligatoresch, donieft kann Är Bank nach zousätzlech Garantië verlaange wéi beispillsweis eng Reschtscholdversécherung fir de Prêt am Doudesfall ofzesécheren.

### **E Privatkredit fir Bauaarbechten oder en Immobiliékredit?**

Och wann Dir d'Ënnerscheeder téschtent engem Privat- an engem Immobiliékredit elo verstanen hutt, a verschiddene Fäll kann et méi schwéier sinn, eng Decisioun ze huelen. Wat soll ech maachen, frot Dir Iech, wann ech bei menger Bank Sue fir Renovatiounsaarbechte léine wëll? Soll ech dofir e Privatkredit fir Bauaarbechten ufroen oder en Immobiliéprêt? Dat hänkt alles vum Montant a vun der Lafzäit vun Ärem Prêt of: Wann Dir méi wéi 75.000 Euro léine wëllt an/oder wann Dir de Prêt iwver méi wéi 5 Joer wëllt lafe loossen, da musst Dir noutgedrongen en Immobiliéprêt ophuelen. Vergiesst dobäi och net, dass d'Tauxe fir Immobiliéprêten am Allgemenge méi interessant si wéi déi vun de Privatkreditter, mä dass an dësem Fall nach zousätzlech Käschte mussen ageplangt ginn, nämlech déi vun der Hypothék.

*Schlësselwierder: Kaf, Reschtscholdversécherung, Bank, Kredit, Verbraucherkredit, Immobiliékredit, onerwaart Ausgaben, Käschten, Garantie, Hypothék, Logement, Wunneng, Mensualitéiten, Prêt, Immobiliéprêt, Privatprêt, Privatkredit, Remboursement, Renovatioun, Solvabilitéit, Taux, Zëssaz, festen Taux, Taux révisable, revidéierbaren Taux, variabelen Taux, Bauaarbechten, Geldbedarf*